



N° 5411  
Reçue le 20.12.2021  
Déclarée recevable et urgence reconnue  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 20.12.2021

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/12/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Verdeelegung & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

Mam aktuelle Covid-Gesetz kommen op d'Gesellschaft eng Hellewull u Reegelen zou, déi an de verschiddene Liewenssituatiounen ze respektéiere sinn. An deene meeschte Fäll gëllt den 2G oder den 2G plus. Bei der Arméi schéngt een allerdéngs scho méi wäit ze sinn, an nëmmen nach op den 1G ze setzen. Kandidaten ginn ab dem 1te Januar 2022 nëmmen an d'Arméi incorporéiert, wann se ee vollständegen Impfzyklus virweise kënnen. Persounen, déi net geimpft sinn, ginn deemno vollständegen aus der Arméi ausgeschloss.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann de Verdeelegungsminister dës Prozedur bestätegen?
2. Mussen all Zaldoten ab dem 1te Januar komplett geimpft sinn?
3. Op wéi enger legaler Basis fousst dës Entscheidung?
4. Wat ass mat deene Persounen, déi den Impfzyklus nach net ganz ofgeschloss hunn?
5. Wäert dës Mossnahm och an aanere Minsitèen agefouert ginn? Falls jo, a wéi enge?
6. Wat geschitt mat genesene Kandidaten, déi sech fir den Datum vun der Inkorporatioun guer net kënnen impfe loossen?

Mat déiwem Respekt,



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



GOERGEN Marc

Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)